# Save the date




## MARCHE GOURMANDE

Den **13. Abrëll 2025** fënnt eis traditionell Marche gourmande statt. Eise Comité beméit sech wéi all Joer erëm fir ee leckere Menu an ee flotte Wee zesummenzestellen.
Haalt iech deen Dag gären am Kalenner fest. Weider Informatioune komme no!

## GRUPPEWEEKEND

Dir kënnt iech op ee flotte Gruppeweekend vum **09. bis 11. Mee** freeën! Nach ass alles top secret, mee dir gitt alles nach rechtzäiteg gewuer!

Mir freeën eis op eng flott Zäit zesummen!



*Méi genau Informatioune kommen nach no.

# Funfacts





Trotz hirer Gréisst an hirem Gewiicht, sinn d'Bison'en zimmlech schnell. Sie kënne bis zu 56 km/h rennen.

Den alleréischten Jamboree huet 1920 an England mat ongeféier 8000 Scoute stattfonnt.






Beien a Bommelen kënne souwuel hannerzeg wéi och vijenzeg fléien.



Dem BP seng Schwëster, d'Agnes Baden-Powell, war déi éischt Cheffin vun de weibleche Scouten déi 1910 gegrënnt goufen, de *Girl Guides.*

Et gi méi Beem op der Welt wéi Stären an der Mëllechstrooss.






# Rätselspaass



Kanns du dëst Rätsel léisen?




1. Wéi ass eisem Präsident säi Virnumm?
2. Den Aigles hire Foulard ass gréng an ...?
3. Wéi huet de Camp fir d'100 Joer FNEL geheescht?
4. Wéi heescht den Urelefant vum Dschungel?
5. Wou war de Roverway 2024?
6. Wou wier den Jamboree gewiercht, dee 1979 leider ausgefall ass?
7. A wéienger Branche sinn d'Scouten ab 21 Joer?
8. Autour d'une table, entre bons ...?
9. Dat hei ass ee ...?
10. De FNEL-Headquarter ass um ...

Tipp: Ä'en ginn esou geschriwwen: AE

